Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18/08/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

RTL.LU schreift, dass bei de Grenzkontrollen, déi op der däitsch-lëtzebuergescher Grenz vun der däitscher Police gemaach goufen, zënter Juli ronn 600 Persoune festgeholl goufen, dës wéinst Passeurs-Aktivitéiten oder well dës Persoune gesicht waren. Weider sinn 869 Leit op der Grenz gestoppt an zeréck an de Grand-Duché geschéckt ginn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat goufen dës 869 Persounen net an Däitschland era gelooss an zeréck op Lëtzebuerg geschéckt?

2. Wat ass mat deenen 869, déi erëm op Lëtzebuerg geschéckt goufen, gemaach ginn a sinn dës Leit nach um Lëtzebuerger Territoire?
   Falls nee, wéi vill hu Lëtzebuerg verlooss?

Mat déiwem Respekt,



GOERGEN Marc
Deputéierten